

Communiqué: Reprise Januar 2021

Heimat well ech virop alle Frënn, Bekannten an Noperen ee ganz grouse Merci soen, déi mech a meng Famill an de leschte Wochen a Méint duerch ee léiwe Message oder ee gutt Wuert moralesch ënnerstëtzt hunn.

Dëst huet Kraaft ginn a Courage gemaach fir séier zréck ze kommen.

Dëser Deeg hunn ech erëm op menger Gemeng an an der Chamber ugefaangen mat schaffen.

Frësch motivéiert a mat vill Freed ginn ech elo erëm un de politeschen Alldag mat senge sëllegen Erausforderungen erun.

Een decke Merci gëllt awer all deenen Leit ,déi meng Mandater op der Gemeng, an der Chamber an an der Partei iwweholl hunn.

Den Heelungsprozess ass awer nach net ganz ofgeschloss, wat mat sech bréngt dass ech nach eng Zäit mat ugezügener Handbrems wäert schaffen. Dofir hunn ech och d'Decisioun geholl fir de Posten vum Generalsekretär vu menger Partei ofzeginn.

Dëst ass eng Decisioun, déi mir fir meng Partei net einfach gefall ass, mee bedéngt duerch d'Situatioun ass et mir awer ëmsou méi bewusst gi wei wichtig d'Gesondheet an d'Zäit mat menger Famill ass an dass dëst an nächster Zäit Prioritéit wäert hunn.

D'Bekanntmaachen vu mengem Burn-out huet vill Leit op de Plang geruff a mir bewusst gemaach dass et awer en heefege Problem ass deen een net sollt op déi liicht Schëller huelen an deem ee soll déi néideg Opmierksamkeet gi fir kennen eng Léisung ze fannen.

Ech wënschen jidderengem hei déi richteg Upak an den néidege Courage.

Fir de Rescht freeën ech mech mengen Aufgaben awer erëm kënnen nozegoen an hoffen wei mir alleguerten op ee bessert a gesond Joer 2021 fir eis all.

Mat ganz léiwe Gréiss,

Felix Eischen